N°1388
Entrée le 11.11.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro N° 1388 vum 18. Oktober 2024 vum honorabelen Deputéierte Jeff Engelen.**

A sénger palementarescher Fro freet den honorablen Deputéierten Informatiounen zu der Sécherheetsetüd iwwert d'Kräizung op der Rossmillen (CR335 – CR 338).

*Fro 1: Kann d'Madamm Minister matdeelen, wéi eng Erkenntnisser sech aus där genannter Etüd iwwert d'Kräizung bei der Rossmillen erginn hunn?*

Aus der genannter Sécherheetsetüd hunn sech zwee Haaptpunkten erauskristalliséiert. Deemno koum d'Etüd zur Conclusioun, dass de Stroosseverlaf um Kräizungspunkt net den aktuellen Richtlinnen entsprécht. Zweetens ass d'Siicht fir de Verkéier um CR338 a Faartrichtung Hengescht - Bënzelt op de Verkéier um CR335, deen dobäi och nach d'Virfaart huet, net gutt, an entsprécht net de minimale Siichtweiten, déi laut de genannte Richtlinnen fir esou eng Kräizung virgeschriwwe sinn.

*Fro 2: Wéi schätzt déi aktuell Regierung – no den Erkenntnisser vun där Analys – d'Geféierlechkeet vun der Kräizung bei der Rossmillen an?*

Fir op dës Fro ze äntweren, zitéieren ech an éischter Linn déi genannten Etüd: „*Das Unfallgeschehen am Knotenpunkt ist als gering einzuschätzen. Lediglich 5 Unfälle mit Personenschäden innerhalb des 6 Jahres Zeitraums 2013-2018*".

Zousätzlech geet aus der Etüd ervir, dass een déi problematesch Konzeptioun vum Kräizungsberäich misst mat a Betruecht zéien, déi speziell fir d'Motorradsfuerer eng Gefor duerstellt.

*Fro 3: Wéi eng konkret Schrëtt, respektiv Aarbechten si geplangt, fir déi geféierlech Verkéierssituatioun op der Rossmillen ze entschäerfen a wéini ka mat der Ëmsetzung vun deenen Aarbechte gerechent ginn?*

Et ass virgesinn d'Kräizung reegelkonform ëmzebauen an den Automobilisten*innen um CR338 d'Virfaart ze ginn. Dës Entscheedung baséiert éischtens op der méi héijer Verkéiersbelaaschtung vum CR338, an zweetens op déi besser Visibilitéit op de virfaartsberechtegte Verkéier.

De Virprojet fir d'Ëmgestalten vun der Kräizung hunn ech den 31. Mee 2024 approuvéiert. Am Moment ass geplangt matt den Aarbechten un der Kräizung am Fréijoer 2026 unzefänken, dat ënnert der Viraussetzung, dass bis dohinner d'Geneemegungen virleien.

Lëtzebuerg, den 11. November 2024

Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes